

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwien, Kopéieren, Verlaine vu Rollen müssen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Info-Box	
Bestell-Nummer:	13020LU
Sprooch:	Lëtzebuergesch
Kaméidistéck:	4 Akte
Bünebiller:	1 Iessgesellschaft
Spilldauer:	+/-60 Min.
Rollen:	9
Frauen:	4
Männer:	5
Rollensatz:	10 Hefte
Preis Rollensatz	149,00€
Aufführungsgebühr pro Aufführung: 10% der Einnahmen mindestens jedoch 85,00€	

13020LU

De Kaerekiller

(Krimmidinner an in 4 Akten)

vum
Carsten Lögering

iwwersat vum
Jos Weimerskirch

Inhalt :

D'Publikum vum Dinner befénnt sech op der Generalversammlung vum der „gëlle Strass“ Drëppebrennerei. Den Henri Hierber, President vum der Gesellschaft féiert duerch den Owend. D'Versammlung gëtt ob eemol vum der Police gestéiert. Déi ermëttelt an engem Mord. E wichtege Liwwerant a Geschäftspartner vum der Brennerei ass dout opfonnt ginn. Lues a lues stellt sech d'Bedelegung vum deem engem oder anere Gaascht eraus. D'Police tappt am Däischteren. Jiddereen huet eng aner Ursaach a kéint de Mäerder sinn. Fénnt d'Police de Mäerder mat der Hëllef vum den Zuschauer?
D'Publikum ass Deel vum engem interaktiven Theaterstéck, dat mat Witz a Spannung d'Gäsch vum Dinner esou wuel kulinarisch wéi och emotional mathëlt.

Bünebild:

Et brauch ee keng Bün. Ideal wären méi ronn Dëscher un deenen d'Gäsch vum Dinner setzen. D'Stéck spillt matzen tëschent de Gäsch. D'Schauspiller ginn zesummen mat de Gäsch un en Dësch an iesse mat hinnen. D'Odette an d'Nathalie setzen zesummen un engem Dësch, den Auguste an d'Annie un engem aneren. Den Henri setzt un engem 3ten Dësch. D'Spiller hunn wéi all di aner Gäsch Reservéierungen viru sech. Et gëtt och nach e Riednerpult mat enger Klack benotzt. All Gaascht kritt eng Enveloppe mat enger grénger an enger rouder Kaart. An all fënneft Enveloppe sinn zousätzlech 500 € Spillgeld. (eng mat nëmmen 200 €)

Op den Dëscher leien Ziedelen a Stëfter fir d'Publikum bereet.

Wichtig

Der Kreativitéit vum de Schauspiller si keng Grenzen gesat. Gäre kënnen während der Ereegnesser
Saache kommentéiert oder Dialoger mam Publikum opgebaut ginn.

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwien, Kopéieren, Verlaine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Persounen:

Persounen	Beschreiwung	Asätz
Charles Brockhorst	Chef Ermëttler	133
Cassens	dem Charles säin onbehollefene Léierbouf	45
Henri Hierber	Drëppebrenner, Chef vun der Kaerebrennerei "gëlle Strass"	46
Odette Rommes	eng Bauerefra/ Fra vum Jupp	29
Nathalie Rommes	dem Odette säi Meedchen	20
Auguste Waxweiler	e Besëtzer vun enger Käere-millen	33
Annie Waxweiler	d'Schwëster vum Auguste	23
Insa Scherzinger	eng Serveuse awer mat enger Ausbildung als Apdiktesch	41
Jupp Rommes	d'Läich	0

Akt 1

D'Receptioun.

(Den Henri steet a feinen Kostüm an der Entrée vum lesssall a begrësst jiddereen man deem's en jidderengem d'Hand gëtt.)

Henri: Gudden Owend. Sidd wëllkomm op eiser Generalversammlung vun der Kaarbrennerei "gëlle Strass". Ech freeë mech, dass Daer komm sidd.

(Den Henri gëtt all Gaascht eng Enveloppe. An der Enveloppe ass eng rout Kaart op der "NEE" steet an eng gréng Kaart op der "Jo" steet. An all 5^{ter} Enveloppe ass ausserdeem e 500 € Schän. [eng mat 200 €])

Henri: Hei sinn d'Kaarten fir de Vote. Daer wäert den Inhalt vun der Enveloppe brauchen. *(pëtzt de Leit en A zou)*

(D'Insa steet net wäit vum Henri an der Entrée. Si huet en Servéiertablette dee voller Drëppe steet. Si offrëiert all Gaascht e Glas.)

Insa: *(schwätzt all Gaascht un deem erakënnt)* Wann ech gelift. Gräift zou. Et ass eng Recommandatioun vun der Brennerei, et ass dee neiste Produit. De Numm vun der Drëpp ass Kaerekiller ... Loosst Aech et schmaachen ... Prost!

(Wann d'Gäsch all un hire Platze setzen geet den Henri bei d'Riednerpult "bimmelt" d'Klack an zitt aus senger Paltongstäsche en Ziedel mat senger Ried eraus. D'Insa steet no beim Comptoir.)

Henri: Roueg wann ech gelift. Kënn Daer wann ech gelift roueg sinn ... E wonnerschéinen gudden Owend! Ech den Henri Hierber - President vun der Gesellschaft a 4ter Generatioun, därëf Aech häerzlech wéi all Joer op der Generalversammlung vun der Brennerei "gëlle Strass" begrëssen. Ech freeë mech, dass Daer zu dacks komm sidd an esou Aer Matsproocherechter a Gebrauch huet. Ech gesinn och vill bekannte Gesichter ... Ganz gäre well ech d'Geschwëster Waxweiler begrëssen, déi mat hirer Millen e groussen Undeel um Erfolleg vun eiser Brennerei hunn. Moien Auguste a Annie Waxweiler!

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwien, Kopéieren, Verlaine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

(klaatscht hinne Bäifal. Den Auguste an d'Annie sti kuerz op fir sech der Gesellschaft ze weisen.)

Odette: De Jupp ass nach ëmmer net do.

Henri: Wat e Pech ... Wou bleift deen alen Hummer?

Odette: En ass nach op engem Feld zu xxx *(Numm vun der Nopeschuertschaft)*. Maer si voll am Karschnatz.

Nathalie: E soll awer op alle Fall heihinner kommen.

Henri: Jo dann ... Léif Memberen, léif Kolleegen. Léif Geschäftspartner, léif Leit aus der Politik, Gesellschaft a Soziales.... Ech heeschen Aech op e neitst häerzlech Wëllkomm. *(sec) Service:* Dee beschte Schnaps fir all. *(seng Kolleegen klatschen.)*

Insa: Ähm... Haer Hierber.... Ähhh.. Maer hu just Crément.

Henri: Oh! Jo dann ... Jo dann ... Da gött et eben näischt ze drénken. De Schnaps fält aus... Komme maer elo zu der éischer Ofstëmmung vun haut den Owend. Léif Memberen, heifir benotzt w.e.g. d'Kaarten an der Enveloppe. Wien derfir ass, dass maer dësen Owend mat engem gemeinsamen lessen starten, dee soll di gréng Kaart an d'Luucht halen, wien dergéint ass dee soll di rout Kaart benotzen.

D'Ofstëmmung ass am gaang. D'Odette, den Auguste an d'Annie stëmmen all mat "gréng" of. D'Nathalie weist di "rout" Kaart.

Henri: *(kuckt duerch d'Reien)* Nathalie? Wat ass da mat Daer lass?

Nathalie: *(wéi e Plou)* Hu keen Hunger. Ech wëll Heem ...

Odette: Behuel dech Kand! Du weess wéi wichteg d'Versammlung ass.

Henri: Léif Memberen, ech stellen e majoritäre Vote fest. D'Entrée gött elo servéiert. Ech wënschen Aech e gudden Appetit! *(sec) Service:* Fir mech eng Coupe. *(geet vum Riednerpult zu senger Platz)*

(D'Insa servéiert dem Henri e Glas Crément u säin Dësch)

Insa: Wann ech gelift Haer Hierber.

Entrée/Zopp

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwien, Kopéieren, Verlaine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Akt 2

Optrëtt vun der Police.

(se setzen all op hire Plätzen. D'Insa steet hannert dem Comptoir a poléiert Glieser. Heiansdo geet si duerch de Publikum an schëtt dem Henri Schampes no. De Charles an de Cassens kommen eran, ginn duerch d'Publikum a stelle Froen)

Charles: Gudden Owend zesummen. Brockhorst ass mäi Numm. Chef-Commissaire Charles Brockhorst vun der Auszestelle Lampertsbiërg. An dat ass mäin Assistent Cassens, Commissaire am Stage.

Cassens: *(tuddelt)* Schéine gudden Owend.

Charles: *(stéisst de Cassens lues mam lelebou an d'Rëpper, da lues)* Maer sinn hei net beim Familljenduell.

Henri: Wat soll dat elo? Daer stéiert hei d'Generalversammlung vu menger Kaarbrennerei. Wësst Daer net wien ech sinn?

Charles: Pardon, et deet eis Leed, mee dat ass schonn alles richteg. Ass d'Madame Odette Rommes hei am Sall?

Odette: Jo hei. Ëm wat geet et?

Cassens: *(tuddelt)* Et wier besser wa maer Aech dat ënner 4 Ae soe kéinten.

Charles: *(streng)* Cassens ech hunn hei de Kommando. *(frëndlech)* Madame Rommes: Et wier besser wa maer dat ganz ënner 4 Ae schwätze kéinten.

Nathalie: Däerf ech matkommen?

Cassens: *(tuddelt)* Daer sidd?

Charles: *(sec)* Cassens! Loosst mech dat maachen. ... *(frëndlech)* Daer sidd?

Nathalie: D'Nathalie Rommes, d'Meedchen.

Cassens: Dat trëfft sech gudd.

Charles: *(sec)* Cassens *(frëndlech)* Ganz gären. Kommt mat eis mat.

(De Charles geet mam Cassens dem Odette an dem Nathalie an e Nieweraum)

Henri: *(steet op)* D'Flicen! Genial ... wat soll dat ganz?

Insa: Däerf ech zur allgemenger Berouegung eng Kippchen servéieren?

Henri: *(sec an entschloss)* Nee!

Annie: Et ass net di einfach Police. Di Haere sinn vun der Sûreté ... do ass sécher eppes geschitt!

Auguste: Ob d'Romm'es'en mol nees Schmu op hirem Bauerenhaff gemaach hunn?

Annie: Dat wier net di éischte Kéier mäi léiwen Auguste.

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwien, Kopéieren, Verléine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Auguste: Do hues de Recht Schwësterchen.

Annie: Weess de nach wéi deemools éi vun der Douane de Rommes hire ganzen Haff op d'Kopp gehäit hunn, wéinst de polnesche Schwaarzaarbechter?

Auguste: Dat war en Theater ...

Henri: Roueg elo. Maer sinn all zesummen ëmmer nach Geschäftspartner.

(Et héiert een d'Nathalie Kreesch dinn a Kräischen.)

Annie: Ech hunn et jo gesot, do ass eppes geschitt! *(D'Nathalie kennt kräischend an de Sall.)*

Henri: Wat ass da lass?

(De Charles an de Cassens kommen an de Sall.)

Charles: *(iergert sech)* Cassens wann ech gelift, e bësse méi Taktgefill.

Henri: Däerf ech gewuer ginn wat geschitt ass.

Cassens: *(tuddelt)* De Joseph Rommes gesäit nëmme nach wéi d'Gras vun ënne wiisst.

Charles: *(ausser sech)* Cassens. Fir d'lescht. Dat ass meng Aufgab. Ech sinn hei de Commissaire. Du bass de Léierbouf. Hal also de Mond, lauschter a léier... *(berouegt sech nees)* Entschëllegt. De Joseph Rommes ass haut dout fonnt ginn ...

Insa: Oh Gott. Dat ass jo fierchterlech.

Odette: *(schnauft)* Méi gudde Jupp ...

Nathalie: *(deet Kreesch)* Papp,...

Henri: Wat ass geschitt Haer Commissaire?

Charles: Den Haer Rommes ass haut dout op sengem Unhänger fonnt ginn.

Cassens: *(tuddelt)* Dass maer e fonnt hunn war iwweregens pueren Zoufall Op der Landstrooss Richtung xxx *(Numm vun der Nopeschuertschaft benotzen)* kouw et haut zu engem Accident mam Trakter vum Déngschtleeschter Pastoret. Dem polneschen Chauffeur ass näischt geschitt - mee wéi de CGDIS vun yyy *(Numm vun der Uertschaft wou gespilt gëtt)* op der Platz war fir den Trakter mam Unhänger ze biergen, hu se de Jupp um Unhänger ënnert engem risege Bierg Weess fonnt.

Henri: Op engem Unhänger? Ënner Weess?

Annie: Et ass Karschnatz an de Pastoret fiert dach fir de Rommes.

Henri: Weess ee scho Geneeës iwwert säin Dout?

Cassens: *(tuddelt)* Nach net. Op him lounen 25 Tonnen Kären. Villäicht ass en doduerjer gestuerwen.

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwien, Kopéieren, Verlaine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Charles: *(kuckt de Cassens generft un a rëselt de Kapp)* Wat léiert een eigentlech nach hautzedaags nach an der Policeschoul?

Odette: D'Entreprise Pastoret féiert während der Recolte eise Weess of. De Weess sollt zum Waxweiler *(weist op den Auguste an op d'Annie)* zu daeren hir Millen.

Charles: Millen?

Insa: Da wier vum Jupp net méi vill iwwereg bliwwen wann deen duerch d'Millen gaangen wier.

Auguste: A virdrun wier en duerch d'Dréchekummer an duerch d'Botz gaangen, do wier en zu Mätsch ginn.

Nathalie: *(jäizt nees haart op)* Oh Gott. Wéi kënn Daer nëmmen esou schwätzen?

Cassens: *(tuddelt)* Wisou, dat ass jo just d'Wourecht.

Charles: Cassens...! *(denkt no)* Dat ass jo ganz interessant... Well d'Doudesursaach nach onkloer ass, stellen ech maer d'Fro ob dat heiten en Accident oder e Mord war. *(se erféieren all)*

Odette: Mord?

Charles: Dat ass net auszeschléissen ... Wann haut net deen Accident mam Trakter gewiergt wär, da wier aere Mann wou méiglech ni fonnt ginn.

Cassens: *(tuddelt)* De perfekte Mord.

Henri: *(entsat)* Dat ass dach mat den Hoer erbäigezunn.

Charles: Iwwerhaapt net. Ganz am Géigendeel ... Wien vun Aech huet den Doudegen fir d'lescht gesinn?

Annie: Si maer elo all verdächtig oder wat?

Insa: *(hieft d'Hand a mécht sech an)* Dat ass dach bestëmmt just eng Routinefro. Also ech hunn de Jupp leschte Samschden an der Schampesbar vum yyy *(Duerf wou gespillt gëtt)* Fussball gesinn a mat him geprost.

Auguste: Geprost... op gudd al Zäiten oder wat? *(laacht dreckeg)*

Insa: Wat soll dat heeschen?

Annie: Dat weess dach jiddereen hei..

Insa: Al Kamellen...

Charles: An éischter Linn interesséiere maer eis hei fir de Bekannten an de Familljekrees. An ech fänken elo emol direkt mat Aech un. *(went sech nees un d'Insa)* Wien si Daer a wat hat Daer fir eng Relatioun zum Joseph Rommes?

Insa: Ech sinn d'Insa Scherzinger. All hei kenne mech just ënnert mengem Virnumm Insa. Ech schaffen hei just als Serveuse... verwand sinn ech net mat him, mee ech hat emol e Verhältnis mam Jupp. Dat ass awer schonn 25 Joer hier. *(frech)* An dunn huet e mech setze gelooss...

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwien, Kopéieren, Verlaine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Odette:... well e nämlech mech bestuet huet.

Insa: De Jupp wousst ni wat gudd fir hien wier.

Charles: Verstinn ... Cassens! Schreift mat op...

Cassens: *(tuddelt)* Jo Haer Commissaire. *(zitt e Notizheft a kritzelt äifreg mat)*

Henri: *(entsat)* Wat fir eng Farce. Dat ass dach puer Verleumdung.

Charles: Sou, sou,... A wee si Daer?

Henri: *(arrogant)* Wat si Daer dann fir een? Ech sinn den Henri Hierber! Den Henri Hierber. Mech kennt hei jiddereen. Ech si vun der Kaarbrennerei GmbH "e Genoss fir d'Strass".

Cassens: *(tuddelt)* Moment! Net esou schnell ... Ech komme jo knapps no. Wéi schreift een eigentlech GmbH?

Charles: Esou wéi een et seet, Daer Topert.

Cassens: *(tuddelt)* A wat heescht GmbH?

Insa: Géi mol Béier huelen.

Cassens: *(tuddelt)* Wierklech?

Insa: Nee a Wierklechkeet natierlech net ... Sot emol Haer Commissaire: Wat ass dat fir eng domm Rommel?

Charles: Frot net. Ech hu maer deen net selwer erausgesicht.

Cassens: *(tuddelt)* Muss ech dat elo alles matschreiwien, Chef?

Charles: Halt de Mond. Sou Haer Hierber. Nees zu Aech. Hu Daer maer eppes ze soen? Oder maach Daer hei just Werbung fir Är Bud?

Henri: Bud? ? ? Ech mengen ech héieren net richtig. Wa schonn, da Fabrik. A Reklamm brauch ech keng. Mech kennt hei jiddereen.

Charles: Ma dann ... Ech froen Aech: Wéini hu Daer de Jupp fir d'lescht gesinn an a wat fir enger Relatioun sti Daer mat him?

Henri: *(iwwerzeegt)* Gesinn? Dat weess ech net méi --. Maer hunn leschte Mëttwoch nach eng Kéier mateneen telefonéiert. De Jupp, war en treien an éierleche Geschäftspartner.

Auguste: Wat e Quatsch éierlech...

Charles: A wien si Daer?

Annie: *(hëlt den Auguste an den Aarm)* Maer sinn den Auguste an d'Annie Waxweiler.

Charles: Si Daer bestuet?

Annie: Nee! Maer si Gesëschter.

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwien, Kopéieren, Verlaine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Charles: Hei um Land schléisst dat eent, dat anert net aus ...

Cassens: *(tuddelt)* Wierklech?

Auguste: Wat eng Frechheet. Loos mech dat man. Maer sinn vun der Waxweiler Millen. Maer veraarbechten Weess vun der Famill Rommes a liwweren dat un d'Brennerei "e Genoss fir d'Strass" weider.

Charles: Ahhh. Daer sidd also och Geschäftspartner? Dat ass jo eng richtig Vetterwirtschaft hei. Ganz interessant...

Annie: Maer veraarbechten a muele just deenen hire Weess ... soss näischt. Dat si propper Geschäfte.

Charles: Propper, sou sou,... Cassens, schreift dat op.

Henri: Et gesäit esou aus wéi wann hei keen sech eppes zu Scholden hätt loosse kommen.

Charles: Aech passt dat jo ganz gudd. Deen ee baut Weess un, deen aneren verschafft en Aech an Aer Schnapsbrennerei brennt Drëppen doraus. Hunn ech dat richtig verstanen?

Cassens: *(tuddelt)* Ech net...

Charles: Dat wonnert mech net. Schreift einfach weider mat *(zum Auguste)* An elo zu Aech, wat hat Daer fir e Verhältnis zum Jupp?

Auguste: Maer muele just seng Kaeren zu engem feste Präis. Soss hu maer näischt mateneen ze dinn.

Charles: A wéini hu Daer e fir d'lescht gesinn?

Annie: Ufank der Woch war e bei eis am Büro.

Charles: Ëm wat war et gaang?

Annie: *(zum Auguste)* So him et schonn, et kënnt souwéisou eraus.

Auguste: E wollt manner fir d'Muelen bezuelen. Anscheinend hätt e méi Ausgaben bei sengem Personal a bei senger Maschinnen. Bla, bla, bla.. Lauter Quatsch! "D'gëlle Strass"-Brennerei wollt him kee Surplus fir seng Kaere bezuelen. De Jupp wollt sech d'Suen bei eis huelen ...

Annie: Ausnotze wollt en eis, wann Daer mech frot.

Charles: Gouf et Sträit?

Auguste: Natierlech.

Henri: An ech hunn dertëscht vermëttelt.

Charles: Daer hutt jo och en Intérêt drun de Weessepräis esou niddereg wéi méiglech ze halen.

Henri: Dat huet iwwerhaupt näischt domadder ze dinn.

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwten, Kopéieren, Verlaine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Cassens: (*mécht sech bemierkbar an tuddelt*) Ssst... Hey Chef ... Dat ass dach e super Motiv, oder?

Nathalie: (*hysteresch*) An dofir hu Daer en ëmbruecht!! Mäerder!

Charles: Cassens halt de Mond. (*geet op d'Nathalie duer*) Berouegt Aech Joffer Rommes.

Auguste: Villäicht hu Daer e selwer um Gewëssen fir u seng Felder ze kommen. Maer ass zu Ouere komm, dass et vill Leit ginn déi sech fir d'Felder interesséieren. Mee de Jupp wollt näischt verkaufen ..., deen Eefalt. An dat huet en elo dervun.

Insa: Oje ...! Fir d'éischt stierwen – dann ierwen ... wëll nach een eng Kippchen?

Henri: (*sec*) Elo net.

Odette: (*entsat*) Dat ass allerhand. Wéi kënn Daer esou eppes behaapten?

Charles: Ganz roueg Madame Rommes. Wéini hu Daer dann Aere Mann fir d'lescht gesinn?

Odette: (*iwwerleet*) Gëschter Nomëtten. Et ass Karschnatz zu xxx (*Numm vum Nopeschduerf*) E war dann ëmmer selwer op der Platz, fir d'Aarbechten ze iwwerwaachen a fir d'Aarbechter ze bezuelen.

Charles: An duerno hu Daer e net méi gesinn?

Odette: Genau. Et war näischt ongewéinlech. En huet meeschtens bis spéit owes geschaf an dann mat de polneschen Aarbechter vun der Entreprise Alkohol gedronk. En huet dann och oft an enger Wiertschaft oder am Auto geschlof. De Jupp huet dat méi oft gemaach.

Charles: An haut hu Daer e guer net gesinn?

Odette: Dat stëmmt.

Charles: Daer sidd haut also aleng op d'Generalversammlung gefuer?

Nathalie: Nee, meng Mamm ass hannert maer gefuer.

Odette: Ech hu gëschter vu mengem Mann eng SMS krut, maer sollen ouni hien fueren. En hätt nach eppes Wichteges ze ginn a géif direkt heihinner kommen. Kuckt selwer. (*zitt hiren Handy eraus a weist dem Charles d'Noriicht*)

Charles: Den SMS gouf gëschter Owend um 23 Auer 30 geschriwwen.

Cassens: (*tuddelt*) Dat ass interessant.

Charles: Jo? Fir wat?

Cassens: (*tuddelt*) Keng Anung ... Ech sollt just emol nees eppes soen.

Charles: Da loosst dat einfach.

Henri: Dat bedeit, dass de Jupp nach gëschter Owend gelieft huet.

Charles: Net onbedéngt...

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwien, Kopéieren, Verlaine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehwiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Auguste: Natierlech. Ech huet jo eng Noriicht geschéckt.

Charles: Nee, d'Noriicht gouf just vum Jupp sengen Handy verschéckt. Bei der Läich hu maer awer keen Telefon fonnt ...

Insa: Uiii. Wéi spannend! Dat heescht de Mäerder muss d'Noriicht verschéckt hunn.

Charles: Et ginn 2 Méiglechkeeten, Madame Scherzinger. Entweder huet de Jupp d'Noriicht selwer verschéckt a gouf spéider ëmbruecht an ëm säin Telefon erlichtert oder e gouf fir d'éischt ëmbruecht an de Mäerder huet duerno d'Noriicht verschéckt ...

Insa: Daer sidd richteg schlau Haer Commissaire.

Cassens: (*tuddelt*) Et handelt sech op alle Fall ëm e Mord mat Déifstall.

Charles: Falsch! Wann et sech em e klassesche Mord wéinst Vol handele géif, géif de Mäerder wuel kaum eng Noriicht schreiwien ... Fir wat sollt en. Do dergéint schwätzt och, dass de Portmonnie an d'Auer net verschwonne sinn.

Henri: Villäicht huet de Jupp säin Handy och just verluer an et handelt sech heibäi zu ëm en trageschen Accident. An all Aer Uschëllegungen hunn näischt ze bedeiten.

Charles: Oder meng Uschëllegungen bedeiten alles. An Dat léiwen Haer "gëlle Strass" gëllt et elo hei erauszefannen. Mee fir d'éischt den Hauptgang ... gudden Appetit, dir Herrschaften. *De Cassens an de Charles ginn.*

Hauptgang

*Dëst ass en Extrait aus dem Theaterstück
"De Kaerekiller"*

Wëll Dir dat ganz Theaterstück lesen?

Da bestellt dach einfach de ganzen Text als gratis Liesprouf op eiser Websäit.

Op eiser Websäit ënnert dem Theaterstück

Gréng Bestellbox: Gratis Liesprouf, kompletten Text

Rout Bestellbox. Di ganz Rollen

Blo Bestellbox: Liesprouf per Post oder Zousaatzheft zu de Rollen

Wann Iech dat Theaterstück gefalen huet, da bestellt dach einfach
di ganz Rollen am Internet op eise Websäiten.
[www. mein.theaterverlag.de](http://www.mein.theaterverlag.de)

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwien, Kopéieren, Verlaine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehwiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Vertrieb

mein-theaterverlag
41849 Wassenberg, Packeniusstr. 15

Telefon: 02432 9879280

e-mail: info@verlagsverband.de

www.mein-theaterverlag.de – www.theaterstücke-online.de – www.theaterverlag-theaterstücke.de – www.nrw-hobby.de